


## Green Events : Wann Engagement a Nohaltegkeet zesummekommen

Zu Lëtzebuerg fanne bal all Weekend Fester statt – sief et eng Kiermes, e Festival, e sportlecht oder e kulturellt Event. Dës Manifestatioune sinn e wichtege Bäitrag zu der Liewensqualitéit am Land an an der Gemeng a sinn ouni den Asaz vun de ville Veräiner a Fräiwëllegen net denkbar. Gläichzäiteg bedeiten Eventer awer och Ressourcëverbrauch: Iessen a Gedrénks gëtt verkaf, Offall entsteet, Energie gëtt verbraucht an d'Visiteure beweege sech dohinner.

Schonn zanter e puer Joer ënnerstëtzt Green Events d'Organisateuren dobäi, hir Veranstaltungen méi nohalteg ze gestalten – ouni de Spaass an d'Gesellegkeet aus den Aen ze verléieren. Dës Ënnerstëtzung ass ganz konkret: eng duerchduechten Offallgestioun mat Méiwee-Systemer, nohalteg Akeef a lokal Produiten, eng bewosst Offer u Iessen a Gedrénks mat regionale a vegetareschen Alternativen, oder och ëmweltfrëndlech Mobilitéitsléisunge fir Visiteuren.

D'Beroder vun der **Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl** an der **SuperDrecksKëscht** stinn de Veräiner an Organisateuren dobäi zur Säit – mat enger individueller a professioneller Berodung a vill konkreten prakteschen Tipps, vun der Planung bis zur Ëmsetzung.

**Wëllt Dir Äert nächst Event méi ëmweltfrëndlech gestalten oder Iech informéieren?**

www.greenevents.lu

## Événements durables : quand engagement et durabilité font bon ménage

Au Luxembourg, des événements ont lieu presque tous les week-ends, qu'il s'agisse de kermesses, de festivals ou de manifestations sportives et culturelles. Ils contribuent de manière significative à la qualité de vie dans les communes et seraient impensables sans l'engagement de nombreux clubs, associations et bénévoles. Parallèlement, l'organisation d'événements implique également une consommation de ressources : nourriture et boissons sont vendues, des déchets sont générés, de l'énergie est consommée et les visiteurs se déplacent pour s'y rendre.

Depuis plusieurs années, Green Events soutient les organisateurs dans la mise en place de manifestations plus durables, sans pour autant perdre de vue le plaisir et la convivialité. Cet accompagnement est très concret : une gestion réfléchie des déchets avec des systèmes réutilisables, des achats durables et le recours à des produits locaux, une offre consciente de nourriture et de boissons avec des alternatives régionales et végétariennes, ainsi que des solutions de mobilité respectueuses de l'environnement pour les visiteurs.

Les conseillers de l'Ëmweltberodung Lëtzebuerg et de la SuperDrecksKëscht accompagnent les associations et les organisateurs en leur proposant un encadrement personnalisé et professionnel, ainsi que de nombreux conseils pratiques, de la phase de planification jusqu'à la mise en œuvre.

Vous souhaitez rendre votre prochain événement
plus respectueux de l'environnement ou en savoir plus ?

www.greenevents.lu

---

## Sustainable events: when commitment and sustainability go hand in hand

Luxembourg hosts a wide variety of events, from fairs and festivals to sporting and cultural gatherings. They make an important contribution to the quality of life in communities and would be unthinkable without the commitment of numerous associations, organisations and volunteers. At the same time, organising events also involves the consumption of resources: food and drinks are sold, waste is produced, energy is consumed and visitors travel to attend the events.

For several years now, Green Events has been helping organisers to make their events more sustainable without losing sight of the fun and conviviality. This support is very concrete: well-thought-out waste management with reusable systems, sustainable procurement and the use of local products, a conscious range of food and drinks with regional and vegetarian alternatives, and environmentally friendly mobility solutions for visitors.

The consultants at Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl and SuperDrecksKëscht provide associations and organisers with individual and professional advice and numerous practical tips – from the planning phase to implementation.

Would you like to make your next event
more environmentally friendly or find out more?

www.greenevents.lu